N°7513
Entrée le 26.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.01.2023

adr
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2023

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un Här Bausseminister weiderzeleeden.

An enger Reunioun vun der parlamentarescher Versammlung vum Europarot sot de 24. Januar 2023 déi däitsch Bausseministesch, Annalena Baerbock „We are waging a war against Russia". Esou eng Ausso ass natierlech eng extrem wichteg a gravéierend Ausso, well si, aus dem Mond vun engem Bausseminister, eng ganz Rei vu geféierlechen Implikatiounen am internationalen, ëffentleche Recht ka mat sech bréngen.

An dem Kontext wéilt ech der Regierung dës dréngend Froe stellen:

1) Wéi beurteelt déi Lëtzebuerger Regierung dës Ausso vun der Madamm Baerbock? Ass si der Meenung, datt och Lëtzebuerg „e Krich géint Russland féiert"?
2) Gesäit d'Regierung an der Erklärung vun der Madamm Baerbock e weidere Schrëtt a Richtung Eskalatioun vum Konflikt dee vill westlech Staaten am Abléck mat Russland hunn?
3) Ass déi Lëtzebuerger Regierung der Meenung, datt et elo méi ewéi jee néideg wär diplomatesch Initiativen ze huelen, fir de Krich an der Ukrain ze stoppen? Wéi eng konkret Initiativen hëlt déi Lëtzebuerger Regierung fir eng weider Eskalatioun vum Konflikt ze verhënneren?
4) Wëll déi Lëtzebuerger Regierung bei der däitscher Regierung intervenéieren, fir virun enger weiderer Eskalatioun vum Konflikt ze warnen a fir si ze bieden, déi Ausso vun der Madamm Baerbock zeréckzezéien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 7513
Entrée le 03.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro no.7513, deposéiert den 26. Januar 2023 vum Honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1) **Wéi beurteelt déi Lëtzebuerger Regierung dës Ausso vun der Madamm Baerbock? Ass si der Meenung, datt och Lëtzebuerg „e Krich géint Russland féiert"?**

D'Regierung ass der Meenung, datt Russland een illegalen Krich géint d'Ukrain féiert. D'Ukrain huet laut der UN-Charta d'Recht zu Selbstverdeedegung. Lëtzebuerg, wéi och de Rescht vun den EU Memberstaaten, hëllefen der Ukrain sech géint ee brutalen Agressor ze wieren. Dës Ausso vun der Ausseministesch Baerbock gouf kuerz duerno vum Auswäertegen Amt kloergestallt.

2) **Gesäit d'Regierung an der Erklärung vun der Madamm Baerbock e weidere Schrëtt a Richtung Eskalatioun vum Konflikt dee vill westlech Staaten am Abléck mat Russland hunn?**

Nee.

3) **Ass déi Lëtzebuerger Regierung der Meenung, datt et elo méi ewéi jee néideg wär diplomatesch Initiativen ze huelen, fir de Krich an der Ukrain ze stoppen? Wéi eng konkret Initiativen hëlt déi Lëtzebuerger Regierung fir eng weider Eskalatioun vum Konflikt ze verhënneren?**

De Krich stoppen kann nëmmen dee Mann deen en ugefaangen huet. Dat ass de President Putin. Der Lëtzebuerger Regierung léien am Moment keng Informatioune vir, déi géifen drop schléissen loossen, datt den President Putin gewëllt wier, der Diplomatie eng Chance ze ginn.

4) **Wëll déi Lëtzebuerger Regierung bei der däitscher Regierung intervenéieren, fir vir un enger weiderer Eskalatioun vum Konflikt ze warnen a fir si ze bieden, déi Ausso vun der Madamm Baerbock zeréckzezéien?**

Mir verweisen heifir den Honorabelen Deputéierten op d'Äntwert vun der éischter Fro.

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn